

se vun 3.200 Euro op 4.100 Euro de Mount an d'Luucht gang. Dir gesitt also, dat ass ganz spektakulär!

An och, wann d'Leit d'Frais d'hébergement dann nach ze bezuelen hunn, déi relativ héich sinn – dat muss ee soen, an doriwwer daärf een och eng Kéier a Rou diskutéieren –, esou ass et awer spektakulär, wat de Soinsvolet an den Hëllefsvolet ausmécht. Dat kéint kee vu sech selwer iwwerhuelen. Deen 1% Cotisation, deen haut all Stot oder jiddferen, deen an Zukunft dovum profitéiert, investéiert, ass gutt investéiert Gelder.

Wann een dat hei emol esou plastesch géintwuer gesäit, da sinn och fir d'Zukunft, wann een iwwert d'Stellen hannert dem Komma schwätzt, déi een adaptéiere muss, da sinn déi ze relativéieren an ze nuancéieren, wann ee gesäit, wat ee vu Leeschtungen duerfir kritt.

Bei de Prestatiounen doheem ass d'Evolution och net onbeträchtlech. Am Joer 2000 louch den Duerchschnittsmontant bei 1.935 Euro – kommt mer soen 1.950 Euro – an am Joer 2004 bei ronn 3.000 Euro. Dir gesitt also och do, wat de Betrag oder de Géigewäert an Euro vun deene Leeschtungen ass, vun deenen d'Leit profitéieren, an och – an et ass virdu vun der Rapportrice gesot ginn –, wéi d'Geldleeschtungen evoluéiert sinn. Vum Joer 2000 u sinn d'Geldleeschtinge vu 560 Euro am Duerchschnitt am Mount op 732 Euro am Duerchschnitt fir d'Aidant-informellen an d'Luucht gaang; och do kann een also net soen, dass et keng seriö Evolution géif ginn.

Wann een dann elo kuckt, wéi vill Leit dass just vu Prestations en nature, wéi vill der just vu Geldleeschtingen a wéi vill der kombinéiert vu Geldleeschtingen an Naturalleeschtinge profitéieren, sou sinn et der bei reng eleng Naturalleeschtingen 13,8%; bei renger Geldleeschtinge ronn 40% a bei kombinéiert Leeschtungen sinn et der ëmmerhi 46,8%.

Spektakulär ass och d'Evolution vun dem Personal. An do erlaabt Der mer awer vläicht eng Kéier e bësse méi kloer op eng Diskussion anzegoen, déi mer ëmmer d'Tendenz hunn, souwuel an der Gesondheet wéi bei de Services sociaux ze féieren.

Mir hunn d'Tendenz, fir heiansdo ze vergiessen, dass Liewensqualitéit, souwuel wat d'Gesondheet ugeet wéi wat d'Dépendance ugeet, net nëmmen eppes kascht, mä ganz vill bréngt.

Éischtens bréngt et deene Leit, déi déi Prestatiounen kréien, ganz vill. An déi Services sociaux oder déi Services d'intérêt général sinn net nëmmen e Käschtefaktor, mä sinn an der Tëschenzäit ee ganz wesentlechen ekonomesche Faktor ginn a sinn e ganz eminente Faktor a Saachen Emploié ginn. Wann een deen heite Beräich kuckt, wéi do déi sécher Aarbechtsplazen vum Personal an deene leschte Joren evoluéiert hunn, ass dat ganz spektakulär. An den Etablissements ass d'Zuel innerhal vu fënnf Joer vun 2.400 ronn op 3.500 ronn an d'Luucht gaang.

Wann een elo d'Vollzäitleit hält, dann ass d'Zuel vun 1.200 Vollzäitbeschäftegten, équivalent am temps plein ETP – mä dat ass relativ schwéier fir mat deene Begrëffer do ronderëm sech ze werfen –, och relativ spektakulär vun 1.216 an den Etablissements op iwwer 2.000 eropgaangen.

A bei de Réseauen ass d'Evolution nach vill méi spektakulär, souwuel bei der Gesamtzuel vun de Leit, déi do schaffen, wou innerhal vu fënnf Joer d'Zuel vun de Beschäftegte vun 1.120 op 1.890 an d'Luucht gaangen ass, wéi och a Saachen équivalent Vollzäitbeschäftegt, där hir Zuel sech méi wéi verdäifacht huet. An dat ass spektakulär!

Et muss een also soen, dass mer engersäits d'Liewensqualitéit hunn, déi ganz vill bruecht huet fir d'Leit – selbstverständlech och mat engem Käschtepunkt, ech kommen herno nach kuerz dorop zrëck –, mä anerersäits och eng Evolution am Emploi hunn, déi ganz positiv ass, an déi een net soll vergiessen, wann ee vum Käschtepunkt vun der Gesondheet, vun der Dépendance schwätzt, well dann ass dat een Element, dee leider allze oft ënnert den Teppech gekiert gëtt; an ech mengen, dofir si mir do, fir dorop hinzewiesen.

Ech wëll och dorop hiweisen, dass bei där Steigerung vun der Aarbecht, déi op eis Leit zoukomm ass, déi Zuel vun de Leit, déi an der Cellule schaffen, also do schaffen, wou d'Bewäertungen, wou d'Kontroll gemaach ginn, nach ëmmer relativ bescheide bleift. Et si ronn 40 Vollzäitbeschäftegter, a wann een d'Deelzäitbeschäftegter hält, da sinn et der 42, déi op deenen doten Dossiere schaffen.

An do soll een emol eng Kéier dovum profitéieren, fir ze soen, dass eng excellent Aarbecht do geleescht gëtt, och wann heiansdo vu Retarde geschwat gëtt. Jo, do kann een driiwwer schwätzen, mir hunn déi Retarden, déi mer am Ufank haten, net voll konnte resorbéieren, mä si sinn awer elo stabil.

An dat, wat de Carlo Wagner virdu gesot huet, ass ganz richtig: Mir hunn zwar nach ëmmer Retarden, mä mir hunn eis d'Instrumenter ginn, fir d'Retarden, déi do sinn, fir d'Leit ouni Konsequenzen oder ouni gréisser Konsequenzen ze halen, doduerch dass an der Praxis mat ganz grousser Flexibilitéit op déi Problemer kann agaange ginn, wéi vum éischten Dag un Droit op d'Leeschtungen, urgent Fäll, déi gutt opgefaang kënnen ginn an esou weider, ech vergiessen der sécher, mä do ass um Terrain der Situatioun Rechnung gedroe ginn.

A wann een déi Waardezäite kuckt, oder wann een déi Zuel vun deenen Dossieren, déi a Bearbechtung sinn, kuckt, da kennt een heiansdo zu falsche Konklusiounen, well et kéint een zur Konklusioun kommen, dass déi Leit net Recht op Leeschtungen hunn. Dat ass awer net esou, dat sinn éischter statistesch Zuelen, déi awer net de Problemer um Terrain entsprechen, déi Problemer ginn opgefaangen. Also, ech hu gesot, dass bei Urgencë flexibel reagéiert ka ginn, a selbstverständlech och bei der Ouverture vum Droit op d'Leeschtungen, déi vum éischten Dag un entstinn.

Vu mir aus vläicht nach eng Kéier drop insistéiert, dass d'Fleegeversicherung also sonder Zweifel engem reelle Besoin entsprach huet an dass d'Introductioun ganz ville Leit an hire Familljen, also net nëmmen de Leit, mä och hire Familljen, eng ganz seriö Verbesserung bruecht huet.

Da vläicht eng Rei vu Stellungnahmen zu deenen eenzelne Riedner, wou ech fir d'éischt der Madame Lydia Mutsch wëll en härezeleche Merci soen an der ganzer Kommissioun, selbstverständlech och dem Martin Bisenius, fir déi excellent Aarbecht an déi Flexibilitéit, déi si haten, an enger komplizierter Matière, fir kënnen eenzel Amendementen nozeschéissen, déi eis et awer erlaben, mengen ech, dass mer elo een anstänneg Gesetz hei hunn.

Vun der Madame Stein an och vum Carlo Wagner ass op d'Käschtenentwicklung agaange ginn. D'Madame Stein huet eng Rei vun Iwwerleeunge gemaach, déi a Richtung Action concertée oder Steiergrupp ginn, an de Carlo Wagner huet zu Recht festgestallt, dass den Defizit, mat deem mer éischtmoleg am leschte Joer konfrontéiert waren, net dramatesch ass.

Alles ass richtig, mä mer müssen oppassen. An ech mengen, dass mer Intérêt hunn an der Fleegeversicherung eng ähnlech Démarche

ze maachen, wéi mer si bei der Krankeversicherung entaméiert hunn, also a Rou – dat kënnen mer eis elo nach erlaben, well mer nach Reserven hunn – ze kucken, wou et sech ganz gutt entwéckelt, wou Evolutionne sinn, déi net esou glécklech sinn, an och do, wou vläicht d'Ham heiansdo an der Mëllech gekacht gëtt, oder wou ee Feelentwécklung ka feststellen, awer a Rou, net mam décken Hummer a virun allem net verfréit Saachen a Fro stellen, déi een net soll lichtfankech a Fro stellen.

Ech wollt lech just ee Wuert soen iwwer eis Démarche. Mir hunn zënter enger Rei vu Méint e Steiergrupp agesat vun de Leit vum Terrain, déi en detailléierte Bilan iwwert d'Entwécklung solle maachen, an dann, wa mir dee Bilan hunn, kënn d'Action concertée – wou ech frou sinn, dass se verankert bleift an dësem Gesetz – an d'Spill, wou mer mat de Partner alleguer déi Problemer, déi mer opdecken, wëllen ugoen an och Äntwerten dorop ginn. Mir kënnen si vläicht net alleguer ginn – et bleiwen der –, mä et ass jiddefalls eng Démarche, déi sech bewäert huet.

Ech mengen, dass d'Defiziter effektiv net ze dramatiséiere sinn. Déi vum leschte Joer sinn zur Halschent dorop zrëckzeféieren, dass am Joer 2004 de Stat seng Participatioun vu 45 op 40% gesenkt huet, déi ass an der Zwëschenzäit vum 1. Januar 2005 erëm op 45% erhéicht ginn, esou dass ech haut – ech hunn dat bis elo net gemaach – menge Kollege vum LCGB, déi mech am Oktober dozou opgefuerdert haten, oder d'Regierung opgefuerdert haten, fir erëm op déi 45% zrëckzekommen, ka soen, dass ech ganz gär déi dote Forderung retroaktiv op den 1. Januar 2005 ugehall hunn.

Mir ware vläicht ze diskret an deem doten Dossier. Et sinn Einzelner, déi mengen, mir wäeren ze séier an deem doten Dossier gewiescht, mä bon, ech mengen, do loosse mer eis kee schlecht Gewësse maachen.

Bei der Nuetsbetreierung, do ass et esou, dass mer amgaange si mat de Partner an engem klengen Aarbechtsgrupp ze kucken, wou déi Nuetsbetreierung a wierkelech ganz haarde Fäll noutwendeg ass, a mir wäerte kucken, no wat fir enge Kritären een déi Nuetsbetreierung ka maachen, fir dass et net zu enger Explosioun op deem dote Punkt kënn. Dat wäert ee vun deene Projets d'actions expérimentales ginn, wou d'Projet gedeckelt si mat mat engem Betrag, dee jährelch kann zur Verfügung stoen.

De Carlo Wagner huet drop higewisen, dass et keng fundamental Divergenzen zwëschent deem urspréngleche Projet, deen abruecht ginn ass, an deem jëtzege gëtt. Et ass eng Nuance, nämlech dass déi puer spezifesch Krankheeten, déi ënnert dem Seuil vun 3,5 Stonne en considératioun geholl gi sinn, an dësem Projet bäibehale ginn – wat, mengen ech, och keng grouss Protester wäert ginn.

Zu deenen Aussoen, déi de Félix Braz gemaach huet, géif ech mengen, dass d'Regierung d'Motioun kann unhuelen. Allerdéngs ass dat hei een Element nëmme vun deenen Donnéeën, déi ee brauch, an ech wëll drop hiweisen, dass an de Réseauen, an den Haiser eng Rei vu ganz gudden Initiative bestinn, wou iwwer e Carnet vun de Patienten dat do weidergeleet gëtt. Ech weess dat, well ech virun e puer Wochen dorop higewise gi si vu mengem Kolleg, dem John Castegnaro, dass dat bei Help besteet. Ech ginn dovun aus, dass et an anere Formen och an anere Réseauen besteet. Wann dat net sollt de Fall sinn, dann exemple jiddefalls à suivre.

Dann, mengen ech...

**M. le Président.** - Här Minister, Dir musst zum Schluss kommen; ech hunn lech schonn e bësse Zäit dobäiginn.

**M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Ech sinn direkt fäerdeg, Här President, ech kommen direkt zur Konklusioun. Dat ass ganz léif.

De Mëssverständnis beim Här Braz: Et ass ni eng Liste unique ginn. Mir hunn déi ëmmer gefuerdert, mä si ass ni komm. Ech wëll lech awer soen, dass ech zesumme mat de Réseauen, dass ech zesumme mat den Institutionen de Wonsch geäussert hunn, fir esou e „Samu dépendance“ kënnen op d'Been ze setzen, wou mer sollen zesumme kucken, dass mer an extreme Fäll, déi direkt müssen erakommen, do eng Méiglechkeet kréien, fir dat ze maachen.

Dann zu den Auslandspatienten ass richtig gesot ginn, dass nach ëmmer Patienten am Ausland sinn – Personnes dépendantes am Ausland. Genée ze chiffriieren ass et net. Et sinn eng Rei vu Leit, déi fräiwëlleg, och weinst Käschtegrënn an d'Ausland ginn. Anerer hu vläicht net zum richtigen Zäitpunkt eng Plaz kritt, hunn hire Familljemember an d'Ausland ginn an huele se vläicht net méi gär direkt zrëck. Bei anere Fäll wär d'Bereetschaft do, fir hei op Lëtzebuerg ze kommen, an do musse mer effektiv duerno kucken.

Als Konklusioun wollt ech alle Kollegen, déi hei eng ganz nuancéiert an och eng ganz engagéiert Positioun pro Fleegeversicherung geholl hunn, en härezeleche Merci soen. Deene Leit, déi um Terrain schaffen, drécken ech meng Unerkennung aus fir hiren Asaz an engem net einfachen Domän. A meng Freed wëll ech och doriwwer ausdrécken, dass mer deen heite Projet nach virum Enn vum Joer konnte stëmmen.

Villmools Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

**Motion 1**

Mir hunn nach d'Motioun, déi déposéiert ginn ass vum Här Braz. Kënnen mer par main levée ofstëmmen?

**(Assentiment)**

Wien d'accord mat der Motioun, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

**Vote**

Ech gesinn, dass d'Motioun eestëmmeg ugehall ass.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, der Diskussioun vum Projet de loi 5478 iwwert de Patrimoine culturel. Bis elo sinn ageschriwwen d'Madame Flesch, den Här Scheuer, den Här Adam an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Martine Stein. Madame Stein, wann ech gelift.

## 4. 5478 – Projet de loi portant approbation de la Convention pour la sauvegarde du patrimoine culturel immatériel, adoptée par la Conférence générale de l'UNESCO à Paris, le 17 octobre 2003

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

**Mme Martine Stein-Mergen (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi ass also ënnert der Nummer 5478 den 23. Mee 2005 vum delegéierten Ausseminister Nicolas Schmit an der Chamber deponéiert ginn an dat Gesetz besteet aus engem eenzegem Artikel: „Est approuvée la Convention pour la sauvegarde du patrimoine culturel immatériel, adoptée par la Conférence générale de l'UNESCO à Paris, le 17 octobre 2003.“

Bei dësem Projet de loi handelt et sech also ëm d'Approbatioun vun enger internationaler Konventioun vun der UNESCO iwwert déi immateriell Kulturgidder, déi vun der Generalkonferenz vun der UNESCO zu Paräis vun enger écrasanter Majoritéit ugehall ginn ass. Ech brauch lech net ze soen, dass mir als Land säit 1947 Member vun der UNESCO sinn.

Den Avis vum Conseil d'État ass de 25. Oktober 2005 ukomm, an an hire Réunioun vum 12. Dezember 2005 huet d'Kulturkommissioun de Projet diskutéiert a mech als Rapportrice nominéiert. De Rapport ass de 14. Dezember vun dësem wechter Kommissioun ugehall ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat versteet een ënnert dem Patrimoine culturel immatériel? Et handelt sech hei ëm Praktiken, Spektakelen – net am Sënn vu Kaméidi, mä am franséische Sënn vu Spectacle –, Expressiounen, Wëssen awer och Savoir-fairen, déi zum kulturelle Patrimoine vu Communautéiten, Länner, Gruppe gehéieren, déi vu Generatioun zu Generatioun weidergi ginn, an déi dëse Gruppen eng gewëssen Identitéit an och eng gewëssen Kontinuitéit vermëttelen.

Heizou gehéiere Sproochen, Museksformen, Theater, sozial a rituell Praktiken, esou wéi d'Fäerdegkeet vu verschiddene lokal gebonnenen Handwierken. Wie sech fir eng Illustratioun vun dëser Opzielung interesséiert, dee kann op den Internetsite vun der UNESCO goen – //portal.unesco.org. Do gesäit een all déi Elementer; et sinn der am Ganze bis elo 47, déi schonn op esou enger Lëscht stinn.



Ech ginn lech e puer Beispiller. Bei verschiddenen Nomadepopulationen an der Mongolei gëtt et säit iwwer 2.000 Joer d'Traditioun – ech bieden lech mech ze entschëllegen, ech huelen un, dass meng Prononciatioun net richtig wäert sinn – vum „Urtiin duu“ – dem „laange Lidd“. Dës Lidder si vun den Nomadevölker bei grousser Geleeënheeten opgefouert ginn, an duerch d'Verännerung vun hirer Liewensweis, dem Verloscht vun hirem Weideland an domadder der Sédentaritéit, riskéiert dës traditionell Ausdrucksform verluer ze goen.

A Südmarokko hu sech säit éiweg Beduinstämm periodesch getraff an engem Moussem, enger Zort Foire fir kulturell, ekonomesch a sozial Échangen. Dës Moussem sinn awer och a Gefor, an domat all déi Bräich, déi domat a Verbindung stinn, duerch och erëm d'Ännerung vun hirer Liewensweis. Säit e puer Joer fënnt zu Tan Tan elo erëm all Joer esou e Moussem statt.

Am Bangladesch, a Westbengalen gëtt et d'Traditioun vun de Baul, vergläichbar mat de Minnesänger, déi et bei ons am Mëttelalter ginn ass, déi vun Duerf zu Duerf zéien an do sangen, danzen a Musek maachen. Dës Form vu Musek gëtt vun engem Sänger zum anere vermëttelt an dat säit dem 15. Johonnert. Si drécke mat hirer spezieller Musek eng Relioun awer och eng Philosophie aus, déi am ländleche Bengalen déif verwuerzelt ass. Dës Traditioun ass awer a Gefor, well d'Landbevölkerung mëttlerweil esou aarm ass, dass se sech selwer net méi kann ënnerhalen, a scho guer net hir Minnesänger.

Ech kommen elo e ganze Schrëtt méi no. An Europa, a Sardinien, hei gëtt et och eng Gesankstraditioun, an zwar den A Tenorgesank, e polyphoneschen A-cappella-Gesank, dee vu véier Männerstëmme virgedroe gëtt. Hei ass et net de Mangel u finanzieller Fongen, mä den Tourismus, deem dorzou féiert, dass dës Opféierungen ëmmer méi aus de kleng Reünionen um d'Bühne verluecht ginn, an et doduerjer zu enger Veraarmung vum Repertoire kënnt.

A Spuenien, zu Berga a Katalonien, gëtt et eng Traditioun vu Prozessiounen, déi heesche „Patum“, déi op d'Corpus-Christi-Prozessiounen aus dem Mëttelalter zrëckzeféiere sinn. Et ass eng Parad vu Masken, awer et gehéiert och eng speziell musekalesch Ausdrucksform dozou. Et ass e reliéise Brauch, dee sech aus der heednescher Zäit iwwerdroen huet.

Ech kéint och nach laang weiderfueren, mä ech mengen dës puer Beispiller illustréieren zimlech genee, wat een ënner immaterielle Kulturgidder versteet. An ech mengen och, et ass elo kloer, wat den Intérêt vum Ënnerhale vun dësen Traditiounen ass.

Firwat sinn awer elo schonn déi 47 Elementer op dëser Lëscht, wou ons Konventioun eréischt dann a Kraaft trëtt, wann 30 Länner ratifizéiert hunn? Nun, et ass säit 2001 eng biennial Proklamatioun vun immaterielle Kulturgidder op enger provisoirescher Lëscht ginn. Dës Lëscht gëtt bei der Entrée en vigueur vun der Konventioun automatesch op där representativer definitiver Lëscht iwwerholl.

Wéi soll dat funktionnéieren? D'UNESCO kritt d'Kandidature fir seng zwou Lëschten eran, ënnersicht se an decidéiert, ob se op dësen Inventaire solle kommen oder net. Et ginn zwou där Lëschten, wéi gesot, eng méi eng „klassesch“ representativ Lëscht vum Patrimoine culturel vun der Mënschheet, ze vergläiche mat der Lëscht fir déi materiell Kulturgidder, wou jo zu onsem groussen Houfert och ons Wenzelsmauer an d'Family of Man dropstinn. Donieft gëtt et eng zweet Lëscht, wou déi Elementer dropgesat ginn, där hiert Erhalen dréngend ass, déi an akuter Gefor sinn.

D'Konventioun gesäit vir, dass zwee Organer dës Prozeduren assureieren: eng Assemblée générale vun de Länner, déi all zwee Joer zesummekënnt, an ee Comité intergouvernemental de sauvegarde du patrimoine culturel immatériel. An dësem Comité sëtzen 18 Représentanten, déi op der Assemblée générale gewielt ginn, mat engem Mandat vu véier Joer. All zwee Joer gëtt dës Gremium zur Halschent erneiert. D'Memberszuel gëtt op 24 Memberen eropgesat, wa 50 Staten der Konventioun bäigetruede sinn.

Wat sinn de Länner hir Obligatiounen? Nun, si verflachte sech:

- op hirem Territoire eege Mesuren ze huelen, fir hire Patrimoine immatériel ze erhalen;

- op hirem Territoire och dës Elementer ze erfaassen, an zwar zesumme mat de concernéierte Communautéiten, Gruppen, an ONGen, an dann en Inventaire opzestellen, a schliesslech

- eng Politik ze féieren, déi generell eng Mise en valeur vun hirem Patrimoine assuréiert, awer och dee legalen, finanziellen an Erziungskader heifir ze schafen.

D'UNESCO selwer gëtt sech eng Rei Instrumenter, fir op internationalem Plang anzegräifen, ausser der Gestiou vun deenen zwou Lëschten, déi ech virdrun ernimmt hunn. Si mécht selwer Promotioun vu Programmen a Projeten, déi d'Philosophie vun der Konventioun erëmspigelen, a soll sech heibäi besonnesch ëm d'Entwécklungslänner këmmere; aus verständlechen Ursaachen. Si bitt dann och international Assistenz a Form vun Expertise, Formation, Élaboratioun vun Normen a schliesslech souguer Équipementen un, do wou dat néideg ass.

Ech wëll dës Méiglechkeete besonnesch ervirsträichen, well, wa mer vum immaterielle Kulturgutt vu verschiddenen ethnische Gruppen, a besonnesch Minoritéiten, schwätzen, da schéngt et kloer, dass dës Gruppe vläicht net ëmmer esou vun deene Länner, zu deene si gehéieren, ënnerstëtzt ginn. Wa mer hei en Instrument kréien, fir an esou Fäll eng international Hëllef kënnen unzebidden, da schéngt dëst eleng mer schonn eng ganz wichteg Ursaach dëser Konventioun bäizetrieden.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt awer nach aner Ursaachen, firwat mir als Lëtzebuerger net nëmmen iwwerhaapt, mä grad elo dëser Konventioun sollte bäitrieden: Mir hunn nämlech an onsem Land esou eng eenzegarteg immateriell kulturell Manifestatioun, an dat ass déi lechternacher Sprangprozessioun.

D'Madame Hennicot-Schoepges hat duerfir och scho mat engem Groupe de travail ad hoc en Dossier préparéiert, fir si op déi Lëscht, also déi no den ale Modalitéiten, anzedroen. Iwwert dës Preparativen ass et dann zu där neier Konventioun komm, an et ass dem Kulturministère no geluecht ginn, de Wee vun där neier Prozedur ze goen. Dat awer net, well d'Sprangprozessioun net géif op d'Lëscht passen. Au contraire, Lëtzebuerg ass vun der UNESCO encouragéiert ginn ze kandidéieren, wann och net schrëftlech, Madame Flesch.

#### (Hilarité)

Ech wëll hei net op Inhalten an Ursprong vun der Sprangprozessioun agoen. Dat mécht sécher deem een oder deem anere Politiker, dee sech méi an déi Géigend zougehéiereg spiert, besser. Ech wëll hei just kuerz op den Agenda agoe vun där Kandidatur.

#### (Interruption)

Well da versteet een och, firwat, hic et nunc, an nach virum Joreswiesel, dës Konventioun soll duerch eis Chamber ugeholl ginn.

Wa mer elo direkt d'Konventioun ratifizéieren, gehéiere mer nach zu

deenen éischten 30 Länner. Déi Responsabel rechne sech doduerjer eng gutt Chance aus, dass Lëtzebuerg och an deem éischte Comité vertrueden ass. Et ass de Wonsch vu Lëtzebuerg, an dat ass an der Diskussioun an der Kommissioun kloer gesot ginn, fir an dësem Comité och aktiv un der Élaboratioun vun de Kritären, fir op dës Lëscht ze kommen, matzeschaffen.

Déi zweet Ursaach, firwat elo, ass déi, dass wann dat neit Joer 30 Länner ratifizéiert hunn – et sinn der bis elo 27 –, si dräi Méint duerno kënnt en vigueur trieden, an da géifen d'Kandidaturen ënnersicht ginn, an zwee Joer no der éischter Generalassemblée kënnt dann d'Sprangprozessioun op dës Lëscht agedroe ginn, zäitgläich mam Willibrord-Joer 2008, wat dann e wichtegt Joer, net nëmme fir lechternach, mä fir onst ganzt Land wier.

Et interesséiert lech gradesou wéi virdrun d'Membere vun onser Kommissioun, awer ganz sécher och, wat de Käschtepunkt vun dëser Aktioun ass. Et ass esou, dass d'Memberstaten all zwee Joer eng Kontributioun an dës Fong wäerte bezuelen, no engem uniformé Pourcentage, deem awer net méi wéi 1% vun deem Stat senger Kontributioun um Budget ordinaire vun der UNESCO dærf bedroen. Dat si fir Lëtzebuerg héchstens 2.000 Euro. An ech géif mengen, souguer no de Budgetdiskussiounen vun der leschter Woch, dass mer ons dat kënnten an och sollte leeschten.

Ech géif lech gär wëllen am Numm vun der CSV-Fraktioun dës Projeten un d'Häerz leeën. Et ass nämlech fälschlech verschiddelecht an der Kommissioun esou duergestallt ginn, wéi wann den Intérêt vun dësem Projeten ganz eleng un der Unerkennung vun der lechternacher Sprangprozessioun géif léien. Ech hoffen, dass ech dat duerch dës Ausféierungen entkraaft hunn, ganz besonnesch am Intérêt vun all deene Minoritéiten, deenen hir immateriell Kulturgidder wierklech, a vläicht méi, a Gefor sinn, wéi ons Sprangprozessioun.

Ech wëllt awer och am Numm vun der CSV-Fraktioun nach eng Kéier betounen, dass mir d'lechternacher Sprangprozessioun net eleng als reliés, mä als kulturell Manifestatioun wëlle gesinn, als Traditioun. Wann ech déi Leit dann iwwerzeegt hunn, dass dat d'Approche ass, déi ee soll zu dësem Problem hunn, hoffen ech, dass se dës Projeten wäerte matstëmmen. Ech kann hinnen, ouni dem Här Scheuer wëlle virzegräifen, versécheren, dass d'Urspréng vun der Sprangprozessioun och an heednescher Zäit leien.

Ech bréngen also den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projeten a soen lech villmoos Merci fir d'Nolauschteren.

#### Plusieurs voix.- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Madame Stein. Éischt Riednerin, d'Madame Colette Flesch. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech der Rapportrice, der Madame Stein-Mergen, Merci soe fir hire Rapport. Engersäits fir hire schrëftleche Rapport, dee se wierklech an enger Rekordzäit virgeluecht huet – an ech gi vläicht e bëssen dorober an –, an och ganz besonnesch awer fir hire mëndleche Rapport, wou ech mengen, dass se wierklech genee drop higewisen huet, wat de Wäert an d'Portée vun där Konventioun ass, ouni an deem Zusammenhang vun der lechternacher

Sprangprozessioun ze schwätzen, op déi ech awer nach duerno ze schwätze kommen.

Wat ons frappéiert huet bei deem Projeten, dat ass, dass en de 25. Mee vun dësem Joer déposéiert ginn ass, dass en de 25. Oktober vum Conseil d'État aviséiert ginn ass an dass du Funkstille war. An dann op eemol si mer uganks Dezember Hals iwwer Kapp an eng Kommissioun geruff ginn, den 12. Dezember. An de 14. Dezember hu mer de Rapport ugeholl. Dat heescht also, dass mer do enorm zügeg geschafft hunn.

D'Regierung seet ons, dee Projeten wär urgent, well Lëtzebuerg wär gare bei deenen éischten 30 Länner derbäi, déi déi Konventioun ratifizéieren, an dass doduerjer och Lëtzebuerg eng Chance hätt, e Siège ze kréien an deem éischte Comité intergouvernemental de sauvegarde du patrimoine culturel et immatériel.

Här President, well ech scho laang an dësem Geschäft dobäi sinn a weess, wéi déi Saache ginn, seet mäi kleng Fanger mir, dass warscheinlech d'Urgence dorop zrëckzeféieren ass, dass eng Persoun – egal wie si ass – net kann dorop waarden, dass si an dee Comité genannt gëtt. Esou ginn d'Saachen zu Lëtzebuerg an esou ginn d'Saachen dann op eemol urgent.

Ceci dit, Här President, wëll ech awer ganz kloer soen, dass ons Fraktioun wäert dee Projeten stëmmen, aus all deenen Ursaachen, déi d'Madame Stein elo an hirem mëndleche Rapport évoquéiert huet. De Patrimoine culturel immatériel ass ee wichtegen, an et schéngt ons richtig, dass Lëtzebuerg no där Traditioun, dass Lëtzebuerg ëmmer an der UNESCO Member war, och dëser Konventioun bäitritt.

Wat awer bei ons oder bei mir verschidde Froe suscitéiert, dat ass den Exposé des motifs. Fir d'alleréischt wëll ech hei festhalen, wéi d'Madame Rapportrice et scho gesot huet, dass de Projeten deposéiert ginn ass am Numm vum Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, duerch de Ministère délégué, den Här Nicolas Schmit.

Ech wëll si ausdrécklech félicitéieren, dass si am Numm vun der Regierung proposéiert hunn, d'lechternacher Sprangprozessioun an déi zukünfteg Liste représentative du patrimoine culturel immatériel de l'humanité anzeschreiwen an datt si domadder sech débarrasséiert hu vun deem, wat ech géing nennen, Anticléricalisme primaire, deem ons sozialistesche Frënn heiansdo dozou beweegt, bei hire Parteikongresser fir Animatioun ze suergen.

Also, Här Asselborn an Här Schmit, villmoos Merci, dass Dir do – wéi soll ech soen? – ee Statsakt poséiert hutt.

#### (Interruption et hilarité)

Ech hunn, Här President, perséinlech guer näischt géint d'lechternacher Sprangprozessioun, mä ech muss d'Regierung awer froen: Wuerfir dee Choix? D'Madame Stein huet elo dorop higewisen, dass et ee wichtegt Element ass an onsem Patrimoine culturel immatériel – an ech kommen nach drop zrëck –, mä ech halen awer fest, dass am Exposé des motifs d'Regierung als Ursaachen der nëmmen zwou ugëtt. Si seet, d'Responsabele vun der UNESCO hunn ons verschiddelecht assuréiert, dass d'Inscriptioun vun der lechternacher Sprangprozessioun wichteg wär. An déi zweet Ursaach, déi am Exposé des motifs ugeféiert gëtt, dat ass, dass d'Madame Erna Hennicot-Schoepges sengerzäit ee Groupe de travail ad hoc instituéiert hat, deem den Dossier scho préparéiert hat.

Nu gutt, mä ech wär awer frou, wa mer géingen e puer Ursaache quant au fond vun der Regierung kréien, wat hir Décisioun moti-

véiert. Sécherlech gesäit d'Konventioun vir, dass de Patrimoine culturel immatériel sech notament duerch Sozialpraktiken, Ritualen an Événements festifs materialiséiert. Sécherlech sinn an der Lëscht vun de Chefs-d'œuvre du patrimoine oral et immatériel vun der UNESCO, déi jo automatesch an d'Liste représentative integréiert ginn, schonn eng ganz Partie Événements à caractère culturel – ech soe wuel culturel, net culturel –, a wann een d'Lëscht kuckt vun deene 47 Manifestatiounen an Événementen, déi schonn ënnert deene Chefs-d'œuvre du patrimoine oral et immatériel dobäi sinn, da gesäit een effektiv, dass eng ganz Partie rituell Événementen virgesi sinn.

Ech hunn och an den Internet eragekuckt. Ech sinn op eng aner Lëscht komm wéi déi, déi d'Madame Stein hei évoquéiert huet, mä ech wëll hei dorop hiweisen, dass zum Beispill bei deene culturellen Événementen ee kann areien: „Babilé“ vu Bistrisa a Bulgarien; de „Ramlila“, wat déi traditionell Representatioun vum Ramayana an Indien ass; de „Vimbuza“ a Malawi; oder de „Kankurang“ am Senegal an a Gambien.

#### (Brouhaha général)

An ech sinn iwwerzeegt, dass ech nach Saachen net richtig interpretéiert hunn an dass ech warscheinlech och aner Événementen vergiess hunn.

D'Madame Stein huet gemengt, d'lechternacher Sprangprozessioun wär eng eenzegarteg Manifestatioun. Si ass sécherlech anzeieren an d'Pratiques sociales, d'Ritualen an d'Événements festifs vun onsem Land. Mä et gëtt och nach aner. Wéi ass et zum Beispill mat der Oktavprozessioun?

#### Une voix.- Très bien!

**Mme Colette Flesch (DP).**- D'Procession dansante vun lechternach huet zwar vis-à-vis vun der Prozessioun vun der Oktav de Privilage vun der Anciennetéit. 1497 géint 1624. En revanche muss ech awer dorop hiweisen, dass d'Trösterin der Betrübten säit 1666 Schutzpatrounin vun der Stad Lëtzebuerg ass...

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Kräie mer elo kuerz viru Chrëschttag e Geschichtscours hei gehalen?

**Mme Colette Flesch (DP).**- ...a säit 1678 Schutzpatrounin vum ganze Land, während den Hellege Willibrord, dee jo zu lechternach vénéériert gëtt, laut Site Internet vun der katholescher Kierch zu Lëtzebuerg, nëmmen den zweete Schutzpatroun vu Lëtzebuerg ass.

#### (Hilarité)

Also, wuerfir net d'Oktav?

Mä et kann een natierlech och, Här President, an ee ganz aneren Domän eriwweergeen, mä ëmmer dann awer bei den Événements festifs bleiwen. Ech denken zum Beispill un d'Schueberfouer, déi 1340 vum Blanne Jang gegrënt ginn ass an déi all Joer zwou Milliounen Visiteuren op Lëtzebuerg bréngt. An d'Schueberfouer huet bien entendu par rapport zu lechternach de Privilage vun der Anciennetéit.

An, Här President, ech wëll awer och nach hei bemierken, dass an der Lëscht vun de Chefs-d'œuvre vun der UNESCO mer Événementen fannen, déi vläicht méi Ähnlechkeete mat der Schueberfouer hu wéi mat deene reliéise Manifestatiounen, vun deenen ech virdru geschwat hunn.

Ech denken zum Beispill un d'„Samba de Roda“ vun Recôncavo Baiano a Brasilien; ech denken un déi Prozessiounen, déi mer hei besser kenne vu Risen an Draachen an der Belsch an a Frankräich; ech denken u verschidde pastoral Traditiounen am Costa Rica, déi mam Ursprong vun der Schueberfouer enk verbonne



sinn; ech denken un de Carnaval vu Barranquilla a Kolumbien, an ech denke vläicht och un de „Gule Wamkulu“ am Malawi, am Mozambique an a Sambia.

■ **M. le Président.** - Här Bettel, wann Dir der Madame Flesch no-lauschtert, kënn Dir eppes bäiléieren.

■ **Mme Colette Flesch (DP).** - Ech sinn iwwerzeegt, ech hunn do nach aner Evénementen iwwersinn.

Also dofir meng Fro un d'Regierung: Wat sinn déi déif gräifend Grënn, déi Argumenter quant au fond, wuerfir de Choix just op lechternach gefall ass?

Ech soen et nach eng Kéier, mir hunn näischt dergéint, mä mer géingen awer gären d'Ursaache kennen, déi d'Regierung dozou geféiert huet, just dat Evénement ze proposéieren.

Här President, am Exposé des motifs hält d'Regierung weider fest, dass d'Inscriptioun vun der Procession dansante, also vun der Sprangprozessioun, op dës Lëscht représentative du patrimoine culturel immatériel de l'humanité eng zousätzlech Distinction fir Lëtzebuerg wär, am Zousaz zu deenen zwou Distinctionen, déi mer scho vun der UNESCO kritt hunn, déi vu 1994, déi de Site vun der Stad Lëtzebuerg, déi al Quartieren an d'Fortificatiounen, op d'Lëscht vum Patrimoine mondial gesat huet, an anerersäits 2003 d'Décisioun vun der UNESCO d'Expositioun vum Edward Steichen senge Fotoe Family of Man an de Register vun der Mémoire du Monde anzeschreien.

Ech wëll zwee Wieder soen iwwert d'Inscriptioun vun den ale Quartieren aus der Stad Lëtzebuerg an de Fortificatiounen op der Lëscht vum Patrimoine mondial, well an der lescht esou vill vun der Cité judiciaire geschwat gëtt.

Gott sei Dank hu mer eng gewësse Garantie gehat vun der UNESCO, déi huet doduerjer d'Dégâten es-thetischer an urbanistescher Natur limitéiert, mä nach deet et mir perséinlech Leed, dass d'UNESCO sech hei breetschloe gelooss huet, an nach deet et mir Leed, dass et ons an der Stad Lëtzebuerg net gelongen ass, trotz villen Efforten, déi Konstruktoun op deem Site ze verhënneren. Wann ech elo gesinn, wat aus dem Buedem eraus-schéisst, da sinn ech net iwwerzeegt, dass mer do esthetesch an urbanistesch gutt gehandelt hunn. Mais enfin...

**(Brouhaha général)**

...let's not cry over spilled milk, a loosse mer nëmmen hoffen, dass mer bei deem Chantier net déi Surprise kréien, déi verschidden Nouvelles, déi ech de Moien um Radio gehéiert hunn, mech erahne loos-sen. Ech wënschen dem Bauteminister, dass do alles leeft, wéi et soll.

Här President, no all deene Remar-quë wëll ech awer nach eng Kéier dorop hiweisen, dass mir dee Pro-jet de loi wäerte stëmmen, dass mer ons awer scho freeën op déi Explikatiounen, déi d'Madame Statssekretär vun der Kultur ons bestëmmt gëtt, fir d'Décisioun vun der Regierung, déi am Exposé des motifs steet, ze motivéieren.

De Projet de loi ass, wéi d'Madame Stein gesot huet, jo ganz einfach nëmmen d'Approbatioun vun der Konventioun. Do kënnen mer ouni Hésitatioun e ganz klaren „Jo“ bréngen.

Merci, Här President.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Den nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.** - Wat geschitt dann elo?

■ **Une autre voix.** - Den Optrëtt vum Liewen.

**(Interruption)**

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert zum Schluss vu mengem klengen Exposé dann op d'Madame Flesch zrëckkommen, an ech mengen, déi puer Minutten, déi ech mer geholl hunn, déi gi schonn eng Serie vun Äntwerten, ouni datt ech der Madame Statssekretärin virgräife wëll.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg war ëmmer eng Terre de passage. D'Häre si komm. Se si bliwwen, e puer Joer, e puer Jorzéngten. Se si gaang. Lëtzebuerg war ëmmer e Stéck, en Element vu méi engem grouse Land, vu méi engem dichtege Monarch, mat méi oder manner grousem militäreschem Potenzial, mat méi politeschem Pouvoir. Am 19. Jorhonnert si mer dann endlech zum Stat ginn. Mir sinn zur Natioun ginn.

Och déi grouss kulturell Geeschter waren de passage zu Lëtzebuerg. De Goethe war hei. De Victor Hugo war hei. Si hunn e puer Spuren hannerlooss. Se si gaang. Mir si multikulturell gepräegt ginn. Mir hunn eis eege Kultur gepräegt kritt, an eis eege Kultur ass un de Buedem gebonnen. Dat ass net aussergewéinlech. Si ass och net eenzegaarteg. Si ass sympathesch. Si ass noutwendeg. An dem Drock, an deem Bräi vun Aflëss, deem mer ausgesat sinn an ëmmer nach ausgesat waren, ass et ëmsou méi noutwendeg, fir se ze ënnerhalen.

All déi Aflëss vun deene sou genannten Hären, déi de passage hei waren, hu Spuren hannerlooss, Madame Flesch.

**(Interruptions)**

Réimer waren hei, bis zum Occu-pant vu viru 60 Joer. Et ass ëmmer eppes Rescht bliwwen. Lëtzebuerg verfügt schonn iwwer e Patrimoine culturel matériel – am Kloertext: iwwer Architektur an dësem Fall –, deem eenzegaarteg ass, deem erhale gi muss an deen och säi Wäert a seng Wäertaschätzung fonnt huet bei der UNESCO. En ass meeschtens awer eng Kombina-tioun vum Site mat der Architektur, mat de Gebailechkeeten. En Ensem-bel also ass et, wat d'Typeschkeet vum Lëtzebuergeschen Patrimoine matériel ausmécht.

**(Interruption)**

Am Joer 698 ass den angelsächs-esche Mönch Willibrord op lechternach komm. En huet e Benediktinerklouschter gegrënnt. En ass Bëschof ginn. E war zweemol beim Poopst. En ass zrëckkomm op lechternach. An en ass 739 do gestuerwen. Et war e Mann, deem huet Benelux missionaresch erfaasst. En huet d'ganz Groussre-gioun erfaasst.

Aus der Presenz vun deem Mann, deem einfach dokumentaresch erfaasst ass, huet sech eng nohalteg Entwécklung erginn, am richtigen, am wierkleche Sënn vum Wuert. Nohalteg fir d'Stad lechternach, nohalteg fir d'Grenzregioun, souguer nohalteg fir Benelux, a virun allem och nohalteg fir Lëtzebuerg. Wat ass entstan?

1. Entstan ass en architektonesche Patrimoine: Kierchen, Kapellen, natierlech eng Basilika. Et sinn herr-lech Dépendancen entstanen uechtert d'ganz Regioun: Kleng Schlässer mat enger äusserst raffi-nierter Architektur, déi zu de Fleu-ronë vun der Architektur hei zu Lëtzebuerg gehéieren. Et sinn Ensem-blen entstan, vu Steen a vun Natur. Entstan ass och eng Stad do ron-derëm mat enger ganz eegener Urbanisatioun.

2. Et ass e Kulturschaffen aus där Presenz entstan. E Kulturschaffen, wat eenzegaarteg fir Lëtzebuerg war an ass, an och aussergewéin-lech fir Europa. Zu lechternach ass e Skriptorium opgemaach ginn. E Skriptorium vun der Abtei. Dat war eng Produktiounsplaz fir Codices, eng Produktiounsplaz fir Évangé-liairen, an esou weider. Am 8. an am 9. Jorhonnert, a besonnesch méi bekannt, am 11. Jorhonnert sinn do Prunkbicher gezeechent

ginn, gemoolt ginn, geschriwwen ginn, déi haut zu de beschte Sté-cker an de Muséeën an an de Bi-bliothéiken uechter Europa gehéie-ren.

Mir hunn näischt méi. Mir hunn déi Chance verpasst fir dee leschte Codex, den „Codex Aureus“, ze kafen, wéi en an de 50er Joren op de Maart komm ass. Deen ass haut zu Nürnberg. Mir hunn nach Fac-similéen. All Fac-similé ass nach méi wäert wéi dee beschte Péckvil-chen.

**(Hilarité)**

Oder de beschte Rousekranz, deem deierste Rousekranz, deem Der um Oktavmäertchen oder op der Schueberfouer ze kafe kritt.

**(Interruption)**

Och op der Schueberfouer kritt ee se ze kafen.

3. Entstan ass och e Patrimoine im-matériel culturel. Nämlech de Kult vum Grënner vun der Abtei, de Kult vum Willibrord. An zu deem Patri-moine gehéiert eben och d'Sprangprozessioun. An zu deem Patrimoine gehéiert och dat, wat de Pierre Frieden genannt huet – et deet mer elo e bësse Leed, datt den Här Henri Grethen net do ass – den „Esprit d'Echternach“. Wann ech esou ronderëm mech kucken, d'Madame Statssekretärin, de Fer-nand Boden, de Jean-Marie Hals-dorf, den Henri Grethen virun al-lem, de Paul-Henri Meyers a meng Wéinegkeet, vläicht si mer e bësse gepräegt vun deem „Esprit d'Ech-ternach“. Vläicht kéint ee vun hin-nen en definéieren; ech kann et net.

Madame Stein, ech soen lech Merci fir de Rapport, deem Der ge-maach hutt. Dir hutt d'Konventioun duergeluecht. Dir hutt iwwert d'Konventioun geschwat. Et ass eng Konventioun, déi äusserst pre-zis ass. An et ass eng Konventioun mat Obligatiounen fir déi Commu-nautéiten, déi dee Patrimoine im-matériel halen an ënnerhale wëllen. Et sinn och Obligatiounen dra fir déi Institutiounen, déi domadder befaasst sinn, datt heescht an dë-sem Fall fir d'Gemeng. An dësem Fall, wou den Term „culturel“ ge-braucht gëtt, bestëmmt och fir d'Kierch, an net onbedéngt fir d'Kierchefabrik – well da si mir et nees, de Pouvoir public –, a bestëmmt awer och fir de Stat.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**

D'Sprangprozessioun entsprécht nämlech alle Kritären, déi an där Konventioun festgehale sinn – alle Kritären an ausnahmslos alle Kritären. An ech huele mer just nëmmen déi haaptsächlech eraus:

Éischtens, d'Sprangprozessioun ass haut eenzegaarteg zu Lëtze-buerg. Si ass eenzegaarteg an Eu-ropa a wahrscheinlech och, ënnert där Form, weltwäit.

Zweetens, d'Sprangprozessioun ass e liewegt Element vum Lëtze-buerger kulturelle Liewen a Kultur-liewen. Se ass reliéis verwuerzelt, net nëmmen op enger klenger Plaz, mä an der Groussregioun. Ech hu vu Benelux geschwat. Et ass eng Manifestatioun, déi all Joer 11.000 Leit unzitt fir matzespran-gen, an dat Duebelt, 11.000 a méi Leit, fir kënnen nozekucken. Hiren Impakt geet eriwuer op Rheinland-Pfalz. Dir wësst, datt zu Prüm virdu gesprong ginn ass, eier zu lechter-nach gesprong ginn ass, an datt se haut nach vu Prüm a vu Waxweiler dohinner kommen.

Drëttens, et ass eng Manifesta-tioun, déi dokumentéiert ass duerch vill Publikatiounen. Déi Pu-blikatiounen, déi reeche wäit iwwer Lëtzebuerg ewech. D'Sprangpro-zessioun ass Objet vun enger ge-schichtlecher Forschung. Dir braucht lech nëmmen d'Inter-netsäiten unzekucken, ob dat an

däitscher, franséischer, englescher oder hollännescher Sprooch ass, et ginn e puer dausend Referen-zen, déi Dir ugewise kritt, wann Der „Sprangprozessioun“ an deene verschiddene Sproochen eragitt.

Véiertens, hire Charakter huet sech am Wesentlechen erhalen. De Ri-tual gëtt respektéiert vu Sprénger, vu Sänger, vun deene Leit, déi bie-den. Een Organ – och dat ass nout-wendig –, dat ass de „Willibror-dus-Bauverein“, waacht mat Ar-gusaen driwwer, datt keen Unfug do entsteet. D'Sprangprozessioun ass konservativ, a se ass konser-véiert vu konservative Leit.

**(Hilarité)**

Fënneftens, den Zesammenhang tëschent der Stad lechternach an hirer Ekonomie, tëschent der Stad lechternach an hirer ganzer sozia-ler Entwécklung, mat hirem ganze Kulturliewen ass do. An deen héije Bekanntheetsgrad vum Numm „lechternach“ kënn duersch d'Sprangprozessioun – haaptsäch-lech duerch d'Sprangprozessioun. Et ass en Element, wat eben net austauschbar ass, dat gëtt et soss néierens an et kann een et emol net ausbauen. Et ass e séchere Wäert och fir den Tourismus vun der Re-gioun. Dat sinn d'Haaptkritären, déi mussen erfüllt ginn, wann eng Ma-nifestatioun op d'Lëscht vun der UNESCO gesat gëtt.

Ergo schwätzt näischt dergéint, fir dat do ze maachen, an ech fuer-dere jiddferen eraus, eng ent-sprechend Manifestatioun nach zu Lëtzebuerg opzedreiwen, déi déi do Kritären esou integral erfüllt wéi d'Sprangprozessioun.

An der heiteger Form ass se sé-cher net ze trenne vum Willibror-duskult. Si ass sécher och a Ver-bindung ze brénge mat erhofftene Wonner, mat Mythen, mat Awer gla-wen a mat Glawen, mat Krankhee-ten a mat Epidemien – dat ass esou. Si ass bis 1777 ganz bestëmmt ouni Musek ofgelaf. An déi heitge Melodie, déi huet vill Texter...

**(Interruptions)**

Här Gibéryen, Dir fannt ähnlech Melodien, wann Dir d'Fuesent erausgitt. Et ass eng Polka. An déi Texter, déi mat där relativ trivialer Melodie sech verbannen, sinn och esou trivial. Dat si keng Arien, dat ass och kee reliéist Lidd, den Text ass „Abraham hatte sieben Söhne“, anerer soen „Alle meine Entchen“, an am Franséischen – huet en Historiker nogekuckt – gëtt et ee Lidd op déiselwecht Melodie, an déi heescht: „Allons chercher des moules.“

Dat, fir lech ze weisen, datt dee re-liéise Geescht, deem där Sprang-prozessioun zu Grond läit, awer verwuerzelt ass am Alldagsliewe vun de Leit. 1786 ass se souguer verbuede ginn, an zënter 1830 fënn se statt op Péngschtëschdeg.

■ **Une voix.** - Firwat ass se ver-buede ginn?

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Fir-wat ass se verbuede ginn? Well se net méi disziplinéiert genuch war – drécke mer et emol esou aus!

**(Hilarité)**

Si ass net ëmmer esou rigid ge-spronge gi wéi haut; si ass ge-spronge gi vum Krich u bis haut ëmmer no darselwechter Form – wien anescht spréngt, datt ass en Häreteriker. Mä dräi Schrëtt no vir, zwee Schrëtt no hannen, dat ass et ëmmer ginn, an et sinn och nach aner Forme gi vum Danzen, wéi zum Beispill och dat, wat een an England fënn, e Ringdanz, deem op der Maartplaz opgefouert ginn ass. Dat ass et och alles ginn. Et ass wéi spréchiwielech de Prinz-p zrëckbehale ginn, oder d'Iddi zrëckbehale ginn: dräi Schrëtt no vir, zwee zrëck.

Ech war eng Kéier zu Dakar, do hunn ech nogelauschtert, wéi iwwer Entwécklungshëllef geschwat ginn ass. Do huet en Universitäts-

professer vun Dakar gesot, d'eu-ro-päesch Entwécklungshëllef géif virgoen nom Prinzip vun der lech-ternacher Procession dansante: dräi Schrëtt no vir an zwee Schrëtt no hannen, a ganz oft zwee Schrëtt no vir an dräi Schrëtt zrëck.

Ech mengen, ech war deen Eenze-gen, deen et verstanen hat, mat Ausnahm vum Här Goerens, dee war dobäi.

**(Interruption et hilarité)**

Voilà.

An all déi Varianten dinn där Sprangprozessioun a mengen Ae keen Ofbroch. Hire Wäert bleift erhalen, an et deet hir och keen Of-broch, wa mer se mat areien, oder ureien un déi Gebräicher, un déi Ri-ten, un déi Traditiounen, déi sech net gehalen hunn, mä déi sech his-to-resch dokumentéiere loos-sen, an zwar un heednesch Gebräicher, Prozessiouen zu Éiere vu Götter, Prozessiouen zu Éiere vu Götter, déi ee mat der Hand gräife konnt, déi net abstrakt ware wéi eiser Här, mä an dësem Fall huet sech déi Veréierung vun deene Götter iwwerdroen op Helleger, op Fester mat mystheschem Hannergrond.

An zur Erënnerung: Just déi zolidd-ste Kierche si gebaut ginn op ré-imesche Kasteller, op heednesche Fundamenter, an d'Parkierch zu lechternach ass esou grouss an esou schéin a si steet esou fest, well si op engem réimesche Kastell steet.

D'Sprangprozessioun vun lechter-nach ass e mëttelalterleche Brauch, dee seng Wuerzele méi wäit zrëck an der Vergaangenheet huet. Si ass, wat an der Konven-tioun genannt gëtt, ech liesen lech et vir: „L'univers que les commu-nautés, groupes et individus se transmettent de génération en gé-nération et considèrent comme partie intégrante de leur patrimoine culturel.“

Dir Dammen an Dir Hären, an där Konventioun stinn awer och Obli-gatiounen, an zwar Obligatiounen fir d'Gesellschaft, fir de Stat, déi Tra-ditioun ze fleggen an déi Manifestatioun ze ënnerhalen. Déi Sprang-prozessioun, déi gëtt ënnerhalen éisch-tens duerch eng Organisa-tioun, déi sech Willibrordus-Bau-veräin nennt. Et ass déi Organisa-tioun, wou politesch Differenze misste schmélzen, wou et keng dierft ginn, an datselwecht gëllt och fir d'Sprangprozessioun, ën-nerd där Konditioun, datt d'Pré-séance an der éischter Rei gekläert ass.

■ **Une voix.** - Ah!

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Da falen all Differenzen zesummen an da geet d'Prozessioun hire Wee ronderëm d'Graf vun hellege Willi-brord, mä den Ufank ass munch-mol ganz schwéier.

Dee Willibrordus-Bauveräin, deem dirigéiert déi Organisatioun a mécht och deen heiten Dossier op eng diskret Aart a Weis, op eng ef-fikass Aart a Weis, a si ass och en charge fir den Dossier ze presen-téieren.

Ech soen deene Leit Merci, déi et maachen, a félicitéiere se, an hof-en, datt am Joer 2008 dann deen Dossier erëm ass an datt mer dann op der Lëscht vun deem Patri-moine culturel stinn.

Gefuerdert ass awer och d'Öffent-lechkeet. Gefuerdert sinn an dë-sem Fall d'öffentlech Hand, de Stat, d'Gemeng an awer och d'Par. De Stat ass verflicht, fir dee Kult ze ënnerstëtzen. Et gëtt zu lechter-nach keng Plaz, wou d'Sprangpro-zessioun presentéiert ass, eng Pre-sentatioun vun hir gemaach gëtt, déi hirem Wäert entsprécht. An déi Plaz muss geschaaft ginn, Ma-dame Statssekretärin! An zwar muss se geschaaft ginn an deem Raum, deen tëschent der Basilika an tëschent deem Musée läit, datt heescht am Bannenhaff.

Eréischt wann déi Plaz geschaaft ass, dann hu mer och dee Geescht



vun der Konventioun oder den Artikel 14 vun der Konventioun erfüllt, dee seet, aus där Konventioun ergëtt sech d'Verpflichtung fir net nëmmen ze ënnerhalen, mä fir Educatioun ze maachen, fir Sensibilisatioun ze maachen, fir d'Capacités ze renforcéieren „et pour assurer la reconnaissance de la manifestation“, a fir e Programme éducatif opzestellen.

Dowéinst wär et mäi Wonsch, an ech mengen de Wonsch vun allen lechternacher, fir datt eng Kommissioun agesat gëtt, déi dann intensiv schafft, fir dee Bannenhaff an d'Rei ze setzen.

Här President, ech weess, datt Dir net nëmmen en Esthet sidd, mä datt Dir och nach...

■ **M. le Président.** - Merci!

(*Hilarité*)

■ **M. Jos Scheuer** (*LSAP*). - Da maache mer et esou. Ech wollt dat der Chamber iwwerreechen.

Ech hu vollt Vertrauen an den Här Mosar, deen natierlech eng Kombinatioun mécht vu Sprangprozeessioun an Oktavprozeessioun, fir op näischt ze verzichten, an ech géif dat dann dem Här Mosar iwwerreechen an hie bidden, dat da weiderzeginn un de President, an der Hoffnung, datt de President dat och ophänkt.

Et ass ee vun deene schéine Facsimilés, déi entstane sinn an der lechternacher Abtei, an ech mengen dem chrëschtliche Gemitt vum Här Weiler géif dat entgéintkommen, wann hien dat géif ophänken.

■ **M. le Président.** - Merci.

■ **M. Jos Scheuer** (*LSAP*). - Ech géif deem dote President dann e Buch iwwerreechen, wou hien de Wäert vun der lechternacher Sprangprozeessioun noliess kann. Wann ech gelift.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci fir seng excellent Interventioun a fir déi zwee ganz schéi Cadeauen. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et fält mer natierlech elo e bësse schwéier, fir och nach als Mierscher hei no deem Geschichtsunterrecht Stellung ze huelen. Duerfir wäert ech mech dann och e bësse kuerz faassen.

Lëtzebuerg ass also eent vun deenen éischte Länner, dat déi Konventioun hei ratifizéiere wëllt; ech hunn allerdéngs festgestallt – wéi ech dat am Rapport gelies hunn –, datt schonn 23 Länner virun eis dat gemaach hunn. Also, mir wëllen dat jo extra fréi maachen, mir wëlle bei deenen 30 éischte sinn. 23 Länner hu schonn ënnerschríwen, zum Beispill: Mali, Indien, Nigeria oder Bhutan. Déi sinn dann am Fong geholl nach méi op Zack wéi mir.

Datt mir wëlle bei deenen éischten 30 sinn, ech huelen un – an do hat ech déiselwecht Iddi, wéi d'Madame Flesch –, datt sech do e Mënsch wëllt an engem Comité betätegen. Do hunn ech am Fong geholl och näischt drun aussetzen. Dat ass jo flott, wann ee Mënsch sech fir esou eppes interesséiert.

(*Hilarité*)

Et geet also drëm, fir de Patrimoine culturel immatériel ze schützen. Dat fanne mir Gréng natierlech eng gutt Saach. Besonnesch an Zäite vu Globaliséierung a vu puren ekonomisteschen an ultraliberalen Tendenzen ass et och flott, wa mer eis e bëssen ëm d'Kulturgidder an all hire Facettë këmmere. Dat ass jo och dann een Instrument, dat

bäikënnt bei déi Konventioun vun 1972, wou et ëm d'Sauvegarde du Patrimoine culturel et naturel geet.

Wa mer iwwert de Patrimoine culturel immatériel schwätzen, da wësse mer, datt mer do an enger Evolution constante sinn. Den Här Scheuer huet dat jo och elo ganz flott hei opgezeechent unhand vun der lechternacher Sprangprozeessioun, wou mer jo och am Laf vun de Joren eng Evolutioun gesinn hunn.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

D'Madame Flesch an och d'Rapportrice, d'Madame Stein-Mergen, hu ganz flott opgezielt, wat et nach vu Beispiller do gëtt. Ech fannen dat och ganz interessant, datt dann niewent de Minnesänger a Westbengalen an de polyphoresche Männergesang op Sardinien, d'lechternacher Sprangprozeessioun da vu lëtzebuergescher Säit derbäikënnt. Ech géing mengen, ech hunn et op alle Fall net esou verstanen, datt mer géinge bei der lechternacher Sprangprozeessioun stoe bleiwen. Mir kënnen bestëmmt nach eng kéier iwwert d'Oktav oder iwwert d'Schueberfouer diskutéieren.

An deem Sënn der Madame Stein-Mergen Merci fir hiren ausféierleche Rapport. Deenen anere Riedner Merci fir den historeschen Exkurs. Ech bréngen domat den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen** (*ADR*). - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech mengen, et ass deem, wat hei gesot ginn ass, net méi ganz vill unzufügen. Ech géing duerfir och am Numm vun eiser Fraktioun begréissen, datt mer déi Konventioun haut hei kënnen stëmmen.

Mir liewen an engem gemeinsamen Europa, wat sech doduerch auszeechent, an dat gëtt bei all Geleeënheet ënnerstrach, datt mer d'Villfalt, virun allem eis kulturell Villfalt, wëllen erhalen a se net an engem Dëppe vun Uniformitéit lues a lues ënnergoe wëlle loossen.

Duerfir kënnen mir eis mam Objet vun dëser Konventioun voll a ganz d'accord erklären, dat, wéi gesot, ganz besonnesch an enger Welt, déi an enger Vitesse evoluéiert, wéi ni virdrun. An enger Vitesse, déi et mat sech bréngt, datt viles, wat zur kultureller lerschaft gehéiert, a besonnesch dat, wat immatériel ass, lues a lues verluer geet. Och an enger Welt, déi duerch déi modern Kommunikationsméttelen ëmmer méi Gefor leeft, datt viles uniforméiert gëtt. Duerfir wëlle mir och d'Noutwendegkeet vun dëser Konventioun ënnersträichen.

Ech wollt just op ee Punkt agoen. Mir liesen, datt déi nei Konventioun, ech zitieren: „traite des traditions et expressions orales, y compris la langue“ betrëfft. An et ass do, wou ech op dëser Plaz wollt Wäert drop leeën. Och eis lëtzebuergesch Sprooch, déi vun net ganz ville Leit geschwat gëtt, ass, eiser Meenung no, et wäert erhalen ze ginn.

Eis lëtzebuergesch Sprooch leeft Gefor aus deene Grënn, déi ech elo grad schonn ugefuert hunn, och lues a lues ze erodéieren. Si ass amgang ze erodéieren. Engersäits duerch den Afloss vun der Francophonie hei zu Lëtzebuerg, wou mer wëssen, wou d'Grënn hierkommen, awer nach vill méi duerch d'däitsch Televisioun. Mir erliewen dat bei eise Kanner ëmmer méi, datt do, wou mer wirklech originell Lëtzebuurger Ausdréck hunn, se lues a lues duerch däitsch Ausdréck ersat ginn.

Duerfir wollt ech hei Wäert drop leeën, datt mer eiser Sprooch an der Konstitutioun dee Wäert emol

sollen araumen, wéinstens symbolesch, dee mer er wirklech zoumoossen. Datt mer se sollen an der Konstitutioun verankeren. Datt mer eis sollen duerfir asetzen, datt se als offiziell Sprooch an der Europäescher Unioun soll unerkannt ginn. Woubäi mer net insistéieren, datt alles soll op Lëtzebuergesch misse gedréckt ginn, mä datt se awer, esou wéi Malta dat zum Beispill och duerchgesat huet, soll als eng vun den offizielle Sproochen an der Europäescher Unioun unerkannt ginn.

Ech fannen och, datt mer an eise Kommunikationsinstrumenter, nottamment Radio an Televisioun, solle Wäert drop leeën, datt e propert Lëtzebuergesch geschwat gëtt, wat, an dat muss ee bedauern, vläicht an der Hektik vum Alldag nach laang net ëmmer de Fall ass. Vläicht soll ee sech emol iwerleeën, ob een do net Mëttele fënnt, fir der Erhaltung vun der Originalitéit vun eiser Sprooch vläicht e bësse méi kënnen zum Duerchbroch ze verhëllefen.

An dann, last but not least, mir selwer, déi mir vill an der Öffentlechkeet stinn, ech mengen, sollen eis permanent e bëssen um Rimm rappen, a probéieren net dat, wat effektiv d'Gefor ass, ganz séier an aner Sproochen ze verfallen oder bei aner Sproochen léinen ze goen, well dat natierlech heiansdo e bësse méi einfach ass.

Ee Wuert, awer nëmme ganz kuerz, zur Aussicht, déi mer elo hunn, datt d'Sprangprozeessioun soll an dee Patrimoine culturel do opgeholl ginn. Ech mengen, déi Saach huet net nëmmen de Sege vum hellege Willibrord. Ech kann och hei soen, datt se de Sege vun der ganzer ADR-Fraktioun huet.

(*Interruption*)

Ech mengen, ech brauch hei, no all deem, wat gesot ginn ass, net méi ze begrënne woufir datt dat de Fall ass. Och déi 2.000 Euro, déi dat viraussichtlech kascht, fir do kënnen bäizetrieden, do denken ech, datt mer déi, trotz der ëmmer méi prekärer finanzieller Situatioun an deem Land, och nach wäerten opbréngen. Wann dat vläicht eng kéier net méi sollt de Fall sinn, da kënnt ech mer souguer virstellen, datt am allerschlimmste Fall den Deche vun lechternach bereet wär aus dem Willibrordus-Affer eppes bäizesteieren, fir datt mer...

■ **Une voix.** - Deen ass och net méi esou déck.

■ **M. Robert Mehlen** (*ADR*). - Oh! Dir géngt lech nawell wonnen.

(*Hilarité*)

Wann et dann hannen um Enn net méi sollt opgoen.

Dat gesot, Här President, wëll ech nach eng kéier widerhuelen, wat ech schonn ugedeit hunn: Mir wäerte selbstverständlech dëse Projet stëmmen.

■ **M. le Président.** - Voilà, Merci, Här Mehlen. Dann huet nach d'Regierung d'Wuert, d'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

■ **Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, elo wär ech jo ganz gär op d'Aart a Weis vun där lechternacher Sprangprozeessioun, och als ee vun deenen, deen do an der Schoul war – awer nëmmen an der Schoul war –, heihinner komm, andeem een zum Beispill hätt kënnen dräi Schrëtt no vir an zwee no hanne maachen, mä ech fäerten, da wär meng Riedezäit wahrscheinlech schonn ofgelaf gewiescht, éier ech hei gewiescht wär.

An dobäi sinn esou vill Froe gestallt ginn. Ech wëll do och sämtleche Riedner a ganz besonnesch der Reporterin villmools Merci duerfir soen, datt si esou prezis an detailléiert waren, historesch flott Saachen opgestallt hunn, esou datt ech trotz allem ka soen: Op déi vill Froen, déi gestallt gi sinn, sinn och schonn e ganze Koup Äntwerten hei bruecht ginn.

Mir war et wichteg, dräi Saachen heizou ze soen:

Éischstens, mengen ech, datt d' Ratifikatioun vun där Konventioun hei wichteg ass, wann ee kuckt, wat d'Roll vu Lëtzebuerg an der UNESCO ass.

Zweetens, mengen ech, muss een op d'Bedeutung an de Räichtum vum Lëtzebuurger Kulturgut hiweisen, wat sécherlech hei als Ausdrock ubruecht ass.

An drëttens e puer Bemierkungen zur Sprangprozeessioun u sech, déi trotz allem e kulturellen an touristeschen Atout ass – méi wéi ee mengt.

Als éischt iwwert d'Roll vu Lëtzebuerg an der UNESCO: Mir sinn dëst Joer zënter engem Mount Member gi vum Conseil exécutif vun der UNESCO. Mir hätten dat iwwregens scho kënnen d'lescht oder d'virescht Joer ginn, mä mir hunn awer den Amerikaner, wéi déi zréck wollt kommen an d'UNESCO – wat jo net onwichtig war, datt si erëm an de Schouss vun där wichteger Organisatioun zréckkomm sinn – Plaz gemaach an hunn dofir gewaart bis dëst Joer. Lëtzebuerg ass elo fir déi éischte kéier Member vum Conseil exécutif vun der UNESCO.

Zweetens huet déi Lëtzebuurger Présidence eng ganz erfollegräich Roll gespillt bei der Virbereedung vun der Adoptioun vun där vill diskutierter a ganz wichteger Konventioun iwwert d'„Protection et Promotion de la diversité des expressions culturelles“. Et wär net méiglech gewiescht, fir déi elo am Oktober unzehuelen, wa mir dat net esou gutt virbereet gehat hätten.

Drëttens, wëlle mer onbedéngt ënner deenen éischten 30 Länner sinn, déi dës Konventioun ratifizéieren. Mir wäerten elo dat 28. Land sinn, 27 sinn der virdrun. D'Fro war gestallt gi virdrun: Firwat?

Mä et sinn 30 Länner néideg, fir datt d'Konventioun kann a Kraaft treden, also 30 Länner, déi musse ratifizéiert hunn. Mat engem méi – iwwregens ee vun deenen net esou heefegen europäesche Länner, déi scho ratifizéiert hunn – hu mir dann domadder eng Virreideroll gespillt.

Déi zweet Saach, wou ee kann drop agoen, dat ass: Wa mir déi Konventioun hei ratifizéieren an och gläich Projeten hunn, fir schützen ze loossen, dann ass dat och en Element woumat de Lëtzebuurger kulturelle Räichtum an eis kulturell Villfalt vun der internationaler Gemeinschaft unerkannt ginn.

Mir mussen e bësse méi bekannt maachen, datt mer esou vill hunn, well mir hu vill méi, wéi am Ausland heiansdo geduecht gëtt; wat si awer wëssen, wa si bis hei sinn. Mä wann awer eppes bekannt ass, ass et ganz sécherlech déi lechternacher Sprangprozeessioun, déi als Spréchwuert a ganz Europa an nach wäit doriwwer eraus bekannt ass, an dat kann ee vu ganz villen anere Saache guer net esou soen. Ob mer haut nach zwee Schrëtt no hanne maachen, wa mer der dräi no vir maachen, dat ass jo net méi de Fall, weder zu lechternach nach sécherlech op anere Plazen, mä et gëtt net vill Länner, déi esou wäit iwwert d'Grenzen eraus bekannte Spréchwierder kënnen soen.

Mir hunn also hei dräi agedroen UNESCO-Kulturgidder: Mir hunn ee Projet, dee vun der Festung Lëtzebuerg, als Patrimoine mondial op där Lëscht vun der UNESCO agedroen. Mir hunn op där anerer Säit d'„Family of Man“, déi am Regéster

vun der „Mémoire du Monde“ agedroen ass. A mir hunn hei mat dëser Konventioun iwwert den immaterielle kulturelle Räichtum den Triptychon kompletéiert.

A wa mer dann am Joer 2007 europäesch Kulturhauptstad sinn, dann hu mer mat dësem neien immaterielle Patrimoine eng Attraktioun méi fir an d'Feld ze féieren.

Dann nach e puer Wuert zur lechternacher Sprangprozeessioun als solches. Wéi gesot, si ass iwwert d'Grenzen eraus bekannt. Firwat hu mer grad d'Sprangprozeessioun geholl? Majo d'Kritäre fir kënnen ee kulturellt Gutt unerkannt ze kréien ënnert dëser Konventioun sinn, datt et éischstens aussergewöhnlech an eenzegaarteg muss sinn an datt et näischt Vergläichbares an de kulturellen Traditionen gëtt. Dat ass natierlech dann den Ënnerschied zu enger – wann ech dat därer esou soen – normaler Pilgerprozeessioun, wéi d'Oktav, oder enger normaler Amüsementsfouer, wéi d'Schueberfouer, déi wuel national vu Bedeitung sinn, mä am Sënn vun der UNESCO-Konventioun net kënnen a Betracht gezu ginn.

Et kann een och nach soen, datt wann de Willibrord zwar nëmmen den zweete Schutzpatroun vum Land ass, da probéiere mer alt heiansdo als Regierung de Prinzip vun der „Décentralisation concentrée“ anzehalen. Esou kann een och soen, datt zu lechternach méi fréi en héich entwéckelte kulturellen a spirituellen Zentrum war, éier d'Stad Lëtzebuerg mat der Festung um Bock gegrennt ginn ass. Mä et ass awer eng flott Iddi, fir ze soen d'Oktav och schützen ze loossen an op déi Lëscht aschreien ze loossen, grad esou wéi d'Schueberfouer. Mir géifen dat jo ganz gare probéieren, mä ech weess net, ob dat akzeptéiert gëtt am Sënn vun de Kritäre vun der Eenzegaartegkeet,...

(*Hilarité et interruptions*)

...awer mir probéiere ganz gären nach e bëssen do ze sprangen, fir dat hinzekréien. Mir si ganz dankbar fir all Virschléi an Dir kënnt roueg nach anerer bréngen. Mir hunn och nach anerer am Kapp.

Déi zweet Saach: Firwat d'lechternacher Sprangprozeessioun? Well et eng Propos war, déi um Terrain souzesoe gewuess ass – „bottom-up“ nennt een dat haut –, also eng Bottom-up-Propos. Si ass vun lechternach selwer ausgaangen, an dat ass och dat, wat d'Konventioun virgesäit, d'Abanne vun de lokalen a regionale Gemeinschaften, och vun ONGen, an déi Proposen, fir immateriell Kulturgüter schützen ze loossen.

D'Bedeitung dovunner, wann d'Sprangprozeessioun an d'Konventioun ageschriwwen gëtt, ass natierlech fir lechternach selwer ganz grouss, well et hir nach vill méi eng grouss Resonanz a Bedeitung gëtt. A grad am Virfeld vum Willibrordsjoeer 2008 ass dat net onwichtig an et wäert wahrscheinlech och an deem Joer sinn, wou déi lechternacher Sprangprozeessioun definitiv an d'Lëscht ageschriwwen gëtt. Kulturell ass dat wichteg, touristesch huet dat eng Bedeitung, a Kulturtourismus ass och ëmmer erëm en ekonomescht Argument.

Aner Saachen, wéi gesot, déi mer eis kéinte virstellen, un déi mer scho geduecht hunn, dat wär, wa mer den Inventaire mussen opstelle fir Reflexiounen ze maachen iwwert de Patrimoine linguistique, also een immaterielle Patrimonium – Sproochgebild a Sproochgebrauch zu Lëtzebuerg, wär vläicht eppes wat géif dragoen. Eng Sprooch, déi net minoritär ass, dat ass allerdéngs eng aner Diskussioun, ob mer se opgeholl kréien.

Bref, ech mengen, datt domat op déi meescht Froe geäntwert ass.

Am Fong ass jo elo nach Riedezäit Rescht, vläicht kéint een elo nach eng kéier e bësse Sprangprozeessioun virdanzen. Ech weess net, ob de Jos Scheuer dat géif wëlle maa-



chen als lechternacher, mä ech hunn och de Fernand Boden net matbruecht, ech hunn deen an enger Réunioun gelooss. Mä fir déi zwee lechternacher elo hei dat danzen ze loossen, dat wär jo ganz flott. Mir, déi zu lechternach an der Schoul waren – an et sinn der vill heibannen, nach méi, mengen ech, wéi déi, déi genannt waren –, ware jo nëmme Beobachter vun der Saach, mir hunn dodranner man-ner Erfahrung.

#### (Interruption)

Jo, mir kommen och heiansdo dohinner.

Bref, ech mengen, dat hei ass ee weidere wichtege Mosaiksteen, egal ob et ee klengen oder ee groussen ass. Et ass vläicht méi ee klengen am kulturelle Mosaik vu Lëtzebuerg och a besonnesch fir de kuturelle Rayonnement vu Lëtzebuerg iwwer eis Grenzen eraus ze weisen an ze droen. A sécherlech ass et an dëser besënnlecher Virchrëscht dagszäit wichteg a flott fir sech heiansdo op déi immateriell Wäerter ze besënnen, wat mer jo heimadder gemaach hunn.

Ech soen lech domadder Merci fir déi ganz eestëmmeg Zoustëmmung zu der lechternacher Sprangprozessiou.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Statssekretärin. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Abstentiuon a kenger Nee-Stëmm ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Roger Negri), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour, zur Diskussioun vum Projet de loi iwwert de Statsbeamtestatut. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Bettel, den Här Diederich, den Här Adam an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

### **5. 5485/5486 – Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État**

#### **Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Média et des Communications**

■ **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et deet mer jo Leed, wann ech virun deene besënnlechen Deeg lech elo nach vun deem kulturellen Exkurs muss zrëckhuelen op de Buedem vun engem Sujet, dee méi terre à terre ass, de Statut vun de Statsbeamten.

Den 8. Juni 2005 huet de Minister vun der Fonction publique de Projet 5485 hei an der Chamber deponéiert. Dee Projet huet als Haaptzil déi iewescht Altersgrenz fir den Zougang zu der Fonction publique ofzeschaffen; déi Altersgrenz läit elo bei 45 Joer.

Den 30. Juni 2005 huet deeselwechte Minister an der Chamber de Projet de loi deponéiert, deen déi verschidde gesetzlech Mesuren am Zesummenhang mat dem Accord salarial virgesäit. Zu dësem Projet huet de Statsrot de 5. Juli 2005 säin Avis ofginn, deen Avis huet sech awer nëmme mat der Erhéijung vum Punktwäert befaasst. De Statsrot war net bereet kuerzfristeg déi aner Mesuren, déi an dem Accord salarial virgesi waren, ze aviséieren. Dofir konnt och d'Chamber de 14. Juli vun dësem Joer nëmmen deen Deel vun dem Projet de loi 5486 stëmmen, deen am direkten Zesummenhang stoung mat der Erhéijung vum Punktwäert.

Déi aner gesetzlech Moosname vun deem Projet, dat heescht vum Accord salarial, déi am Juli net konnte gestëmmt ginn, huet de Statsrot a sengem Avis vum 11. Oktober 2005 aviséiert, zesumme mat dem Projet 5485. De Statsrot huet och an deem Avis vum 11. Oktober virgeschloen, déi zwee Projeten an engem eenzegen Text zesummenzefaassen. D'Kommissioun huet de Virschlag vun dem Statsrot iwwerholl, esou dass haut déi zwee Projeten an engem eenzegen Text virleien.

Ech mengen, ech brauch net méi op den Accord salarial anzegoen, ech hunn dat am Juli gemaach. Dir kënnt dat och a mengem schrëfleche Rapport noliesen. Dofir beschränken ech mech och dorop, fir déi Mesuren, wéi si haut am Text virleien – an ech baséiere mech do op den Text vum Statsrot –, kuerz ze exposéieren.

Den Artikel 1 vum Gesetz gesäit véier Mesurë vir: Éischtens, den Text erlaabt, dass an Zukunft d'Stagëbeamte vun der Deelzäit-aarbecht profitéiere kënnen, an zwar mat 50 oder 75% vun der normaler Aarbechtszäit. D'Stagiairë vun der Fonction publique kënnen also och hiert Berufsliewe besser mat dem Privat- a besonnesch mat dem Familljeliewe vereinbaren.

De Statsrot an och d'Beruffskammer vun de Statsbeamte si mat där Neierung averstanen. De Statsrot fënnst allerdéngs, datt d'Stagiainen ongläich behandelt géife ginn am Verglach mat de Statsbeamte selwer, déi och vun der Deelzäit-aarbecht kënnen profitéieren. An de Statsrot proposéiert, dass den Artikel 31-1 Paragraph 4 vun dem Statut, dee sech op d'Beamte bezieht, déi eng Deelzäit-aarbecht leeschten, dass deen Artikel soll op d'Stagiainen uwendbar ginn. De Statsrot huet gesot, e géif sech, wann dat net géif geschéien, dem Text opposéieren; hien huet awer net gesot, hie géif eng Opposition formelle maachen.

D'Kommissioun an och d'Regierung hunn dee Virschlag vun Statsrot net akzeptéiert, an zwar aus gudde Grënn. Wann een näm-

lech den Artikel 31-1 Paragraph 4 nokuckt, da gesäit een, dass dat een Text ass, dee virgesäit, dass de Service à temps partiel, dat heescht d'Deelzäit-aarbecht, ugerechent gëtt fir d'Avancementer a fir d'Promotiounen bei de Beamten an der Fonction publique. Or, et gëtt zwou Ursachen, fir dat doten net bei de Stagiainen unzewenden, engersäits well d'Promotiounen erëischt ugerechent gi vun deem Moment un, wou een eng definitiv Nominatioun kritt, an net an der Stagezäit, also bréngt deen Artikel fir d'Stagiairë sënngeméis näscht. Eng zweet Ursach ass déi, dass déi Stagiainen, déi voll schaffen, och net kënnen vun där selwechter Dispositioun profitéieren an dass keen Text do ass, deen de Stagiainen, déi voll schaffen, déi do Dispositioun géif erlaben.

Dofir si mer der Meenung, dass mer eng Ongläichheet géife schaffen, wa mer deen Artikel op d'Stagiairë géifen uwenden, an dofir huet och d'Kommissioun proposéiert, de Statsrot net ze suivéieren an den Artikel 31-1 Paragraph 4 net op d'Stagiainen unzewenden.

Wa mer et géife maachen, géife mer eng Ongläichheet schaffen. Dat hunn ech och a mengem schrëfleche Rapport gesot, an ech huelen un, dass de Statsrot dann och kann noliesen, dass mer gutt Grënn haten, fir him an deem Punkt net ze follegen.

Eng zweet Measure ass déi, dass d'Délaien, déi virgesi sinn am Kader vun de Reklamatiounen, déi ee Beamte géint säi Virgesetzte ka maachen, eenheetlech op ee Mount fixéiert ginn. Wann ee Beamten eng Reklamatioun mécht, muss hien déi an engem Mount maachen. De Virgesetzten huet awer dräi Méint Zäit, fir ze äntweren. Dat, fanne mir an och d'Regierung, wier e laangen Délai. Et soll een all déi Dispositiounen an deem Text op ee Mount einheitlech festsetzen.

Een drëttes Volet vum Artikel 1 betrëfft verschidden Upassunge vum Text. Déi Inkohärenze sollen aus dem Statut erausgeholl ginn, déi entstane sinn duerch d'Uwendung vum Gesetz vum 19. Mee 2003. Ech nennen lech eng: An deem Text war virgesinn, dass all Posten an der Fonction publique sollten ausgeschriwwen ginn, déi Dispositioun wier och uwendbar op d'Employéen am öffentlechen Déngscht. Dat ergëtt sech awer net kloer aus dem Text a muss also an dem Text bäigesat ginn, ob-schonn d'Gesetz vun 2003 dat virgesinn huet.

Eng véiert Moosnam, déi am Artikel 1 virgesinn ass, betrëfft d'Ofschafung vun der ieweschter Altersgrenz, fir an d'Fonction publique anzetrieden. Déi Altersgrenz läit elo bei 45 Joer, déi war viru Jor-zéngte bei 30 Joer, déi ass no an no eropgesat ginn a läit also elo bei 45 Joer. Se gëtt ganz ofgeschafft, well an enger Direktiv, der Direktiv 2000/78 vum 27. November 2000, déi do Altersgrenz als diskriminatoirech considéiert gëtt. Dofir gëtt se duerch deen heiten Text abrogéiert. Domat ass de Stat deen éischten, deen déi Direktiv uwent fir seng Servicer.

De Statsrot an d'Kommissioun vun der Fonction publique hunn och hiert Bedauern ausgedréckt, dass déi do Direktiv nach net ugewannt gëtt an dass och keng Measure virläit fir d'Gemengeservicer. Mir hunn de Wonsch ausgedréckt, dass den zoustännege Minister fir d'Gemengen, den Innenminister, och déi Direktiv do soll an engem Text fir d'Gemenge virgesinn.

Wat de Privatsecteur ugeet, wëll ech dorop hiweisen, dass den zoustännege Aarbechtsminister den 22. November vun dësem Joer de Projet de loi 5518 déposiert

huet, deen ënner anerem fir de Privatsecteur och d'Uwendung vun der Direktiv 2000/78 vum November 2000 virgesäit. Et wier also och ze wënschen, dass dee Projet do séier den Instanzewee kéint duerchlafen an a Kraaft trieden.

Den Artikel 2, wéi de Statsrot dee virgesinn huet, ass eng Dispositioun aus dem Accord salarial. E gesäit vir, dass d'Beamten, déi während zwielef Joer keng Promotioun konnte kréien, een Avancement en traitement géife kréien. Déi Moosnam sollt nëmmen uwendbar sinn op déi sou genannte Carrière hiérarchisée, dat heescht op d'Beamte vun der Zentralverwaltung, vun der Douane a vun der Force publique. All aner Carrière wieren ausgeschloss.

De Statsrot, deen eigentlech mat der Mesure d'accord war, huet awer proposéiert déi do Mesure och uwendbar ze maachen op d'Magistratur, wat net virgesi war am Gesetz. An de Statsrot huet seng Proposition, déi hie gemaach huet, mat engem Textvirschlag ënnermauert an huet och gedreet, dass, wa seng Proposition net géif ugeholl ginn, hien, de Statsrot, deen heiten Text net kéint vum zweete Vote entbannen.

D'Regierung war net mat där Ännerung vum Statsrot averstan. D'Kommissioun selwer huet doriwwer während verschiddene Reuniounen diskutéiert, a mir sinn zur Schlussfolgerung komm, dass een deen Artikel do aus dem Gesetz sollt sträichen, engersäits wéinst der Opposition formelle vum Conseil d'État, well een net wëllt Gefor lafen, dass dann de Projet no dräi Méint nach eng Kéier misst erëmkommen, mä och well mer fonnt hunn, dass mer keng Donnéeë geliwwert kritt hunn, déi d'budgetär Konsequenze vun där Mesure duergeluecht hätten. Et war also keng Berechnung do, wat déi Mesure géif bréngen. Dat waren d'Grënn, firwat dass d'Kommissioun do proposéiert huet deen Text ze sträichen.

Den Artikel 3, nom Statsrot, deen dann elo den Artikel 2 vun dem Projet gëtt, ännert eng lwwerganksbestëmmung aus dem Gesetz vum 19. Mee 2003, an zwar an deem Sënn, dass verschidde Beamten, déi zweemol de Promotiounsexame gemaach an net gepackt hunn, sech nach eng Kéier engem Promotiounsexame kënnen stellen. An dem Gesetz vun 2003 war virgesinn, dass deen Examen an engem Délai vun zwee Joer misst stattfannen. Dat Gesetz ass am Juli 2003 a Kraaft getrueden. Den Délai ass Enn Juni 2005 ofgelaf.

Déi Beamten, déi a Fro komm sinn, konnten awer an deenen éischte sechs Méint vun dësem Joer deen Examen net maachen, well all Exame wéinst der Présidence ofgesot waren. Well d'Regierung also déi Leit gebraucht huet, hu keng Exame stattfonnt. Dat kann een als e Fait du prince considéieren, wou also d'Beamten u sech net schëlleg waren, dass se den Examen net konnte maachen. Duerfir huet d'Regierung proposéiert hinnen nach eng Kéier en neien Délai ze ginn.

Or, d'Gesetz vun 2003, wou virgesinn ass, dass déi Leit, déi nodeem dat Gesetz a Kraaft wär och deen Examen nach an Zukunft kënnen maachen, wa se méi Échecen hätten, gesäit awer fir d'Zukunft keng Délaië méi vir, während an der lwwerganksbestëmmung en Délai vun zwee Joer drastoung. D'Chambre professionnelle huet duerfir proposéiert, och an der lwwerganksbestëmmung den Délai falen ze loossen. De Conseil d'État an och déi zoustänneg Kommissioun vun der Fonction publique ware mat deem Virschlag averstan, esou dass elo déi Dispositioun an där Form, wéi de Statsrot se proposéiert huet, ugeholl gi kann.

Dir Dammen an Dir Hären, den Text vun deem Projet de loi, wéi en lech proposéiert gëtt vun der Kommis-

sioun, ass an der Kommissioun selwer eestëmmeg ugeholl ginn, an ech géif och d'Chamber bidden, deem Text hiren Accord ze ginn. Deenen, déi an deene leschte Méint ëmmer gemengt hunn, et misst een all Texter och nach ënnersichen an analyséieren, ob net nei Dépenses dermat verbonne wären, kann ech hei d'Versécherung ginn, dass déi heiten Dispositiounen u sech, esou wéi se virleien, keng nei Dépensë mat sech bréngen.

#### (Interruption)

Här President, den Här Grethen fënnst, dass dat seele wär.

Déi, déi gemengt hunn, et wier eng Dépense dran, déi Dispositioun hu mer erausgeholl, esou dass do och keng État-d'âmë méi ze si brauche bei deene Leit, déi also och nach op d'Ausgabe kucken.

Ech kann och heimat, Här President, den Accord vun der CSV zu deem Projet bréngen.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Bettel. Här Bettel!

#### **Discussion générale**

■ **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Meyers Merci soe fir säi komplette Rapport. Hien huet déi verschidde Punkten opgezielt.

Ech mengen, fir ganz séier driwwer ze fueren, bon, deen éischten ass dee mat de Stagiairë mam Temps partiel. Et kéint ee soen, et wier schued, dass se et net kënnen. Ech si ganz averstan, dass et eng Discriminatioun wier, wann een, deen en Temps partiel huet, et géif ugerechent kréien, an een, dee keen Temps partiel huet als Stagiaire, et net géif ugerechent kréien. Mä da wier et vläicht opportun gewiescht op jidde Fall de Stagiainen och Dispositiounen ze ginn, fir kënnen hiert Privatliewe mat der Aarbecht ze conciliéieren.

Zweete Punkt, dee vun der Réponse vun engem Supérieur hiérarchique an der Administratioun an Zäit vun engem Mount. Ech mengen, et ass normal, wann een nëmmen ee Mount huet, fir ze äntweren, da kann och de Supérieur ee Mount hunn, fir ze äntweren. Dat ass, ech mengen, eng gutt Proposition, an dat erlaabt jo och dem Beamten, deen d'Fro gestallt huet, méi séier eng Äntwert ze kréien.

D'Suppressioun vun der Limite d'âge vu 45 Joer. Ech mengen, verschidde Leit waren net beegeschtert vun där Initiativ. Ech mengen, et ass eng Direktiv, déi do ass, a mir hunn net vill Choix. Mä et muss een awer och soen, dass een net versteet, firwat eng Persoun, déi 46 Joer al ass, net esou gutt wär, wéi een, dee 44 Joer al ass, fir en Job ze akzeptéieren.

A virun allem, wann een haut d'Situatioun kuckt, mir schwätze jo vum Chômage, dass vill jonk Leit am Chômage sinn, ech muss lech soen, dass fir eng eeler Persoun, déi eng Aarbecht sicht, mat 47 oder mat 50 Joer et nach méi schwéier ass haut eng Aarbecht ze fannen, wéi fir e Jonke vun 20 oder vun 21, an deen dann net versteet, firwat een hien dann automatesch aus der Fonction publique ausschléisst. Ech mengen, dat war wierklech eng Discriminatioun, an et ass Zäit ginn, dass déi opgehuewe ginn ass.

Point de vue Avancement en traitement. Et ass décidéiert ginn an der Kommissioun, dass dee Punkt jo zrëckgezu gëtt. Ech muss lech awer soen, Här Minister, dass et e Problem gëtt bei verschiddenen Administratiounen, zum Beispill bei der Brigadierscarrière vun der Police: Dir maacht de Promotiounsexamen, Dir hutt e gepackt an Dir musst awer dräi, véier Joer waarden, well et e Cadre fermé ass. All Grad huet jo eng gewëssen Zuel vu Leit. Wann dann déi aner Leit net weiderréckelen, da bleift een, obwuel ee säi Promotiounsexamen